

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

All Dag ginn d'Leit mat neien Zuelen a Statistiken zum Coronavirus konfrontéiert, an dëst weltwäit. Déi verëffentlecht Zuele ginn awer net iwwerall no de selwechte Krittären erhuewen an d'Verschaffe vun dësen Zuelen zu Statistike verleeft och no verschiddene Prinzipper.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wie bestëmmt fir Lëtzebuerg, wéi d'Zuelen an d'Statistiken am Zesammenhang mam Coronavirus erhuewen, ugeluecht a presentéiert ginn? Ass dat eng autonom Decisioun vun der Direction de la Santé oder gëtt dat vun der Regierung mat bestëmmt?
2. Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt e Mënsch mat nach anere Krankheeten, respektiv Vir-Erkrankungen, deen an der Zäit vum Coronavirus stierft, automatesch als Corona-Affer gezielt gëtt, wann hie positiv op Corona-Vire getest gouf? Muss an all Fall e positiven Test op Corona virleien oder gi méiglecherweis scho symptomatesch Unzeechen, déi op Corona hindeiten duer, fir déi Ursaach mat an eng Statistik, déi op der Basis vun der Polymorbiditéit geféiert gëtt, afléissen ze loossen?
3. Wéi steet d'Madamm Minister dozou, eng Autopsie u Persounen duerchféieren ze loossen, déi mat héijer Warscheinlechkeet u Corona gestuerwe sinn a bei deenen ee kann a priori dovun ausgoen, datt eng Autopsie Resultater an Erkenntnesser am Déngscht vun der Wëssenschaft ka bréngen?

4. Wann Zuele genannt ginn, geet net just rieds vu Corona-Doudegen, mee och vu Corona-Infizéierten an -Hospitaliséierungen.
- a) Gi bei den Zuele vun de sougenannten Hospitaliséierungen och déi Leit mat agerechent,
- déi negativ am Spidol getest goufen?
  - déi sech just am Drive-in teste gelooss hunn?
  - déi positiv getest goufen an awer heem a Quarantän geschéckt goufen?
- b) Zielen zu de sougenannte Corona-Infizéierte just déi, déi wierklech getest goufen an tatsächlech positiv waren? Wann nee, gi bei den Zuele vun de sougenannte Corona-Infizéierten dann och déi Leit mat agerechent,
- déi méiglech Unzeechen hunn/haten awer net getest goufen?
  - déi méiglech Unzeechen hunn/haten, awer negativ getest goufen?
5. Wéini wëll d'Madamm Minister komparativ Statistiken an Analyse publizéieren, déi et erlaben, de reellen Impakt vu COVID-19 op d'Mortalitéit hei zu Lëtzebuerg ze evaluéieren? Dëst bedéngt, ënner anerem, och e Vergläich mat statisteschen Daten aus de Virjore mat enger präziser Oplëschtung an Analys vun den Doudesursaachen.

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten